N°1459
Entrée le 05.11.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 05.11.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/11/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

An der parlamentarescher Fro n°1262 hunn ech der Madamm Ministesch verschidde Froen zu de Covid-19-Vaccine gestallt dorënner och zum aktuelle Stock un Impfstoffer, déi Lëtzebuerg huet. Aus den Äntwerten op dës Froen erginn sech awer nei Froen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. An der Äntwert op d'Fro 3 ass den Impfstoff COMIRNATY JN.1 30 MICROGRAMS/DOSE DISPERSION FOR INJECTION- ADULTS opgelëscht. Heibäi handelt et sech ëm déi neisten Versioun vun deem Impfstoff.

   Sinn déi neiste Versiounen automatesch duerch den initiale Kontrakt virgesinn oder ass dat noverhandelt ginn oder sinn dat separat Kontrakter?

2. An der Äntwert op d'Fro 4 steet ze liesen: "Ab 2027 gëtt den Approvisionnement u Vaccinen géint Covid-19 am Aklang mat der nationaler Legislatioun iwwer ëffentlech Marchéen duerchgefouert."

   Wann et ab 2027 soll per Marché Public goen, heescht dat datt et sech fir d'Joren 2024-2026 ëm Montanten handelt, déi u sech e Recours op e Marché Public verlaangt hätten? Wa jo, op Basis vu wéi engen Ausname gouf dovunner derogéiert?

3. Amplaz vun der Zerstéierung vu Vaccinen, déi previsibel oflafen, goufen et nach eemol Bestriewunge, Vaccinen un aner Länner ofzetrieden? Wann nee, firwat net? Wa jo, mat wéi enge Länner a wat waren d'Grënn, datt sech dëst net realiséiert huet?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten